N°1483
Entrée le 07.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.11.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/11/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Humane Papillomaviren (HPV) si Viren, déi an der Populatioun wäit verbreet sinn. Dës Vire léisen Infektiounen aus, déi an de meeschte Fäll harmlos verlafen a vum selwen nees heelen. Et ginn awer Viren, déi eng Rei vu Kriibsaarte kënnen ausléisen, dorënner besonnesch Gebärmutterhalskriibs. Et gëtt zënter enger ganzer Rei vu Joren eng Impfung, déi als extrem sécher gëllt an noweisbar d'Gefor fir eng Erkrankung ëm 80 Prozent ka senken. D'Impfung ass besonnesch virun dem éischte sexuelle Kontakt ganz wierksam. Zu Lëtzebuerg gëtt d'Impfung fir Meedercher a Jongen am Alter vun 9 bis 14 Joer recommandéiert an ass gratis. Jugendlecher vu 15 bis 20 Joer, déi nach net geimpft sinn, kënnen och gratis vun enger Impfung profitéieren. Leit, déi méi al wéi 21 sinn an nach net immun sinn, mee vun hirem Dokter als immunsuppriméiert klasséiert goufen, kréien d'Impfung och gratis. All aner Persoune sinn awer net am Impfprogramm abegraff an d'Käschte vu ronn 130 Euro pro Impfung musse vun sech selwer gedroe ginn. D'Weltgesondheetsorganisatioun an d'EU-Kommissioun hunn d'Zil, bis 2030 eng Impfquote vun 90 Prozent fir 15 Joer ale Meedercher an e wesentlech besseren Impfquote fir 15 Joer ale Jongen z'erreechen. Laut Experten ass den Haaptproblem de Mangel un Informatioun. Esou misste méi Informatioun iwwer Gesondheetstheme bekannt gemaach ginn, dëst besonnesch an de Schoulen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi héich ass aktuell den Taux u Geimpften (opgeschlësselt no Geschlechter an no den Alterskategorië vun 9 bis 14 Joer, 15 bis 20 Joer an iwwert 21) hei zu Lëtzebuerg?

2. Wéi steet d'Ministesch zum aktuellen Taux u Geimpften hei am Land?

3. Wat gëtt gemaach, fir méi staark op d'Méiglechkeet vun dëser Impfung opmierksam ze maachen an esou méi en héijen Impftaux ze erreechen?

4. Ass d'Ministesch a Kontakt mam Educatiounsministère, fir dass och an de Schoule besser iwwert de Sujet vun HPV informéiert gëtt?

5. Eng Impfung géint HPV méi spéit am Liewen ass zwar net méi grad esou gutt wirkscham wéi wann se virum éischte sexuelle Kontakt virgeholl gëtt, trotzdeem ass eng gewëss Wierkung awer nach ëmmer ginn.
   Firwat gëtt d'Impfung ab 21 trotzdeem net vun der Gesondheetskeess rembourséiert, fir esou méi

e staarken Ureiz fir eng Impfung ze bidden a vill Fäll vu Kriibserkrankungen a Relatioun mat HPV ze verhënneren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

www.piraten.lu